

**(Interruption)**

... vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, den David Wagner huet dee scho wuertgetrei hei zitéiert.

Och wann et sech bei der Restrukturatioun vum Office net wierklech ëm eng Schafung vun engem neien Établissement public handelt, gëtt awer d'sämtlecht Personal mat neie Kontrakter age stellt. Ech mengen, dee Punkt ass definitiv kritisierbar, well d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics weist an hirem Avis drop hin, mat Verweis op den Accord salarial, datt dës Personal funktionariséiert misst ginn. An dat ass an eisen Aen novollzéibar.

Et gëtt net kloer duergeluecht, firwat d'Personnal vum Office du Ducroire ënnert dem Statut vum Privatrecht bleiwe soll. An esou gouf och net op d'Bedenke vun der Chambre des Fonctionnaires agaan. Dat widersprécht eise Vuen, eiser Virstellung vun engem Staat, deem op d'Avis vu senge Chambre-professionellen ageet.

Nichtsdestotrotz, wéi ech et gesot hunn, ass et wichteg, d'Établissements publics reegelméisseg ze evaluéieren an à jour ze setzen, do, wou et néideg ass. Hei war et néideg. An dofir droe mer, trotz deem liichte Bauchweé, dese Projet mat.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech fänken un, andeem ech dem Deputéierte Guy Arendt Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, deem och ganz prezis war an en fait d'Modernisatioun vum Ducroire gutt erkläert huet, mat den neie Strukturen, déi enger moderner Gouvernance entsprechen. D'Mandat gëtt och e bësse méi breet gemaach.

Ech muss och soen, dass den Office du Ducroire eng super Aarbecht iwwer Joerzénge geleescht huet a weider leescht an e wichtegt Instrument ass, fir d'Exportpolitik vun eisen Entreprises ze sécheren. Et gëtt änlech Institutionen am Ausland. Et ass gutt fir Lëtzebuerg, dass mer hei elo dem Ducroire eng nei Gesetzesbasis ginn, déi méi modern ass an déi da wäert hëllefen, dass mer eis weider am Ausland méi breetmaachen an dass mer eis Economie weider diversifizéieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Gramegna. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7408. Wéi de Rapporteur schonns drop opmierksam gemaach huet, ass d'Numerotatioun vun den Artikelen am Rapport vun der Kommissioun verruscht. Déi Erreur matérielle ass dem Staatsrot matgedeelt ginn a mir stëmmen iwwert déi nei Versioun vum Text of, déi am Document parlementaire 7408¹⁰ steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7408 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dese Projet ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen an 0 Abstentiounen approvéeiert.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7408 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Gilles Roth) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7446 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée en vue de la transposition de la directive (UE) 2018/1910 du Conseil du 4 décembre 2018 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne l'harmonisation et la simplification de certaines règles dans le système de taxe sur la valeur ajoutée pour la taxation des échanges entre les États membres

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 7446, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Franz Fayot, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Roy Reding an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet 7446 setze mer eng weider europäesch Direktiv am Beräich vun der indirekter Besteuerung an nationaalt Recht ëm. Konkreet handelt et sech heibäi ëm Mesuren, fir den TVA-System op grenziwwerschreidenden Echangingen innerhalb vun der EU ze harmoniséieren an ze vereinfachen.

Vun Ufank un, wéi de Système commun vun der TVA 1967 op europäeschem Niveau agefouert gouf, war d'Zil, fir enges Daags en eenheetlechen TVA-System ze hunn, deem um Niveau vun der EU d'selwecht géif funktionéieren wéi an engem eenzelne Land. An anere Wieder war schonn deemools de Gedanken, fir iergendwann net nëmmen déi physisch Grenzen ofzeschaffen, mee och déi steuerlech Grenzen, an dësem Fall besonnesch am Bezug op d'TVA.

Vu dass 1992 weeder déi politesch nach déi technesch Ernstänn gi waren, fir schonn en definitive System ze schaffen, ass dunn e proviso-resche System agefouert ginn. 2006 ass d'TVA-Direktiv gestëmmt ginn, déi virgesäit, dese proviso-resche System duerch en endgültigen ze ersetzen.

Et huet allerdéngs duerno nach zéng Joer gedauert, bis dass d'Kommissioun en Aktionsplang virgeluecht huet mat Proposen, fir esou en definitive System am Beräich vun de grenziwwerschreidenden Echangingen innerhalb vun enger Firma ze etabléieren. Eleng dat weist, dass d'Schafe vun engem eenzegen europawäiten TVA-System méi wéi komplex ass an deemno net vun haut op muer geschéie kann. Well och an der noer Zukunft net mat engem definitive System ze rechnen ass an déi komplett Ëmsetzung nach eng weider Rei Jore brauche wäert, huet den Europäesche Rot 2016 d'Kommissioun opgefuerdert, a verschidene Beräicher kuerzfristeg Léisungen ze proposéieren, déi déi aktuell Situatioun séier verbessere sollen.

Dorëms geet et bei dëser Direktiv a vun do kënnt och den Numm „quick fixes“, dat heescht „séier Léisungen“. Konkreet sinn Adaptatiounen an dräi spezifesch Situatiounen virgesinn, fir den aktuelle System méi einfach ze maachen. Et sinn an deem Sënn effektiv Mesuren zur Simplification administrative, eppes wat Lëtzebuerg natierlech och nëmme begrësse kann.

Konkreet handelt et sech bei deenen dräi viséierte Situatiounen eischtens ëm de „régime des stocks sous contrat de dépôt“, zweetens d'„opérations en chaîne“ an drëtens ëm méi kloer Reegelen, fir dass intracommunautaire Liwwerungen tëschent Entreprisén vun der TVA exonéiert kënne ginn.

Vu dass dës eng ganz technesch Matière ass, wéilt ech lech, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Detail verschounen a géif mer erlaben, op mäi schrëftleche Rapport an do besonnesch op de Commentaire des articles ze verweisen.

Nieft der Transpositioun vun der genannter Direktiv gëtt mat dësem Gesetzesprojet awer och nach eng weider Upassung am Beräich vun der TVA virgeholl. An der Lescht ass an eisen Nopeschlänner - a warscheinlech an deenen, déi ëmmer mam Fanger op eis weisen - des Eftere versicht ginn, iwwer eng Fraude „carrousel“ u Steiergelder ze kommen. Doweinst profitéiert Lëtzebuerg vun dëser Geleeënheet, fir dorobber ze reagéieren an de Mechanismus vun der Autoliquidatioun, wéi en aktuell schonn am Beräich vun den CO₂-Zertifikater am Emissiounshandel applizéiert gëtt, op de Kaf vu Gas- an Elektreschzertifikater ausdeenen. Dat bedeit, dass de Keefer vun dësen Zertifikater, déi d'Originn vum Stroum oder vum Gas uginn, dem Staat d'TVA muss iwwerweisen, an net de Verkeefer.

Schliisslech ginn nach eenzel Artikelen vum TVA-Gesetz punktuell ugepasst. Dat virun allem, fir verschiddeenen Urteeler vum Europäesche Gerichtshaff Rechnung ze droen. Et handelt sech heibäi virun allem ëm Upassungen, déi méi technescher Natur sinn.

De Staatsrot hat a sengem Avis vum 22. Oktober keng weider Remarque formuléiert. An, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domadder bleift mer nach just, lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren an den Accord vun der DP-Fraktioun fir de Projet ze ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci och hei nach eng kéier dem Här Rapporteur Arendt, deem dat och op eng ganz detailléiert Manéier gemaach huet, soudatt ech och net vill bäizefügen hunn, ausser den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

Ech géif awer wëlle vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, well et hei jo och e bëssen drëm geet, fir déi TVA-Karussells-Infraktiounen ze bekämpfen, fir nach eng kéier en Appell un den Här Finanzminister ze maachen, wat déi Cum-Ex-Affär ubelaangt, wou am Moment an Däitschland e Prozess leeft, dee fir vill Welle suergt a wou och ëmmer erëm Lëtzebuerg zitéiert gëtt, well och do Lëtzebuergesch Gesellschaften mat dran implizéiert sinn.

A mir hate virun enger Rei vu Woche jo och eng kéier iwwert dee Sujet an der Finanzkommissioun geschwat. Mir waren awer do net ganz zefridden, Här Finanzminister, well mer der Meinung sinn, datt souwuel de Finanzministère wéi awer och d'Steierverwaltung hei net op eng méi effizient Manéier (veuillez lire : hei net op eng effizient genuch Manéier) versichen, géint déi Infraktioun och hei zu Lëtzebuerg virzegoen.

Et ass eis gesot ginn, datt do eng eelef Milliounen Euro och hei der Lëtzebuergescher Steierverwaltung verluer gaange wieren. A mir sinn der Meinung, do misst wierklech alles versicht ginn, Här Finanzminister, och vun eiser Steierverwaltung, fir déi eelef Milliounen do ze recuperéieren. Duerfir nach eng kéier hei vun dëser Plaz aus den Appell, fir op e bësse méi eng effizient an engagéiert Manéier géint déi dote Geschichten och bei eis am Land virzegoen!

Ech soen lech am Virus Merci, Här Finanzminister.

Le saviez-VOUS ?**COMPTE RENDU**

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des quatre principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.

RÈGLEMENT DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Règlement de la Chambre des Députés est adopté par celle-ci et publié au Journal officiel. Il détermine l'organisation de la Chambre et son fonctionnement et en définit les procédures.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo. Ech wollt just Merci soe fir dee gudde Rapport an den Accord gi vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- An da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit Felicitatiounen un de Kolleeg Guy Arendt fir dee ganz komplette Rapport. Ech mengen, jiddwereen huet dat dote verstanen, och een, deem net all Dag mat TVA ze dinne huet.

Erliichterung vu grenziwwerschreidendem Handel ass ëmmer eng gutt Saach. An dofir fënnt och dësen Text d'Zoustëmmung vun der ADR.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Transpositioun vun dëser europäescher Direktiv soll, an esou gouf et och am exzellente Rapport duergeluecht, dozou bäidroen, déi international Reegelen am System vun der TVA ze harmoniséieren an och ze vereinfachen. En attendant, datt en definitive gemeinsamen europäesche System ausgeschafft gëtt, ginn esou schonn eng Rei Problemer am Virus behandelt duerch Dispositiounen, déi een och - erlaabt mer kuerz, zwee englesch Wieder ze benotzen - als „quick fixes“ kéint bezeichnen.

Dat ass eng Approche, vun där mir Piraten denken, datt se och an der nationaler Politik méi heefeg kéint zum Asaz kommen. Amplaz punktuell Verännerungen auszebremse mat der Excuse, datt un engem grouse Projet geschafft gëtt, sollt een a groussen Dossieren och kuerzfristeg a léisungsorientéiert Verännerungen viséieren.

Ech denken do zum Beispill un déi ongerecht Besteuerung vun den Elengerzéienden a Wittleit, un där sech säit Joren a Joren näischt änneren mam Argument: „Mir schaffen un enger grousser Steuerreform.“ Ma bref, hei gëtt och nach ëmmer weider un enger grousser TVA-Reform geschafft, dat ännert awer näischt drun, datt hei punktuell Ännerungen gemaach ginn.

Jo, grouss Reforme kënne vill veränneren, mee kleng Upassungen och Grousses beweegen. D'Piraten ënnerstëtzen duerfir dës spezifesch Dispositiounen, fir d'Reegele vun der TVA op internationalem Niveau tëschenzäitlech punktuell ze harmoniséieren an domadder och bei deene Karusseller a Cum-Ex-, Cum-Cum-Prozeduren - a wéi se all heeschen - weider no vir ze kommen an déi an Zukunft progressiv ze verënnern.

Ech denken, dat ass déi richteg Pist, dat sollt mer maachen, an duerfir ënnerstëtze mir dese Projet.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech freeë mech,



dass mer hei Unanimitéit hunn. Merci fir d'éischt un de Guy Arendt fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech ginn elo net op déi technesch Detailer an, mee ech mengen, de Point commun vun de verschiddene Mesuren, déi hei geholl ginn, ass follgenden: Et ass deen, bei komplizéierten Operatiounen, déi triangulaire sinn, déi iwwer méi Länner ginn, dass do méi Clartéit geschaaft gëtt an dofir och gesécher gëtt, dass d'TVA bezuelt gëtt. An doriwwer kënnen mer eis nëmme freeën.

Wat elo d'Zertifikater vum Gas a vum Elektreschen ubelaangt, do geet et drëms, en fait Frauden ze verhënneren. An dat geschitt heimad, dass een eng Autoliquidatioun virgesäit, wat eng Exceptioun ass.

Erlaabt mer da vläicht, just e Wuert ze soen effektiv, dass dat heiten eng punktuell Revisioun vun den TVA-Bestëmmungen ass. D'TVA ass jo par essence eng europäesch indirekt Besteuerung, wou d'Reegelen allegueren déi selwecht an alle Länner sinn. An et gëtt de Moment vun der Kommissioun un enger gréisserer Reform geschafft. An an där sinn eng Rëtsch wichteg Elementer, déi an d'Diskussioun komme wäerten, déi natierlech vill méi grouss Changementer mat sech bréngen wéi déi heite punktuell Reform.

Ech freeë mech awer, dass mer dat heite konnten elo relativ séier ëmsetzen an doduerch natierlech méi TVA erakréien an d'Frauden domadder reduzéieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Finanzminister.

D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7446. Den Text steet am Document parlementaire 7446⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7446 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 7463 - Projet de loi relatif à l'acquisition du complexe B de la Cité policière Grand-Duc Henri - Kalchesbréck

Eise leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 7463 iwwert de Kaf vum Gebai Cité policière Grand-Duc Henri, Kalchesbréck, Komplex B. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Jeff Engelen an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den effentlechen Déngscht wisst. Am Staatsbudget

fir d'Joer 2020 sinn net manner wéi 1.830 nei Posten an der Fonction publique virgesinn, ouni déi ze vergiessen, déi net besat konnte ginn. Dat ass schonn impressionnant.

E groussen Deel vun deene Poste komme prioritär am Enseignement, an de Centres pénitentiaires a bei der Police bii. Mir wëssen, wann de Staat säin Effectif an d'Luucht schrauft, da wiest och gläichzäiteg d'Bedürfnis u Gebai a Büroflächen. A genau ëm déi Bürofläche geet et bei dësem Gesetzesprojet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 7463 ass net dee gréisste Projet a verlaangt sécherlech net deen detailléiertste mëndleche Rapport, mee fir eis Police ass dëse Projet alles, mee sécherlech net grad deen onwichtigsten. Nodeems de Staat schonn 2015 de Komplex A vun der Cité policière Grand-Duc Henri op der Kalchesbréck kaaft huet, soll d'Regierung nämlech mat dësem Text d'Erlabnis kréien, fir elo och kënnen d'Gebai niewendrun, also de Komplex B, ze kafen, an dat zum Präis vun 108 Milliounen Euro.

Erlaabt mer e puer Wuert zu där Acquisitioun. De Staat huet schonn d'lescht Joer, fir genee ze sinn den 12. Oktober 2018, e Contrat de bail ofgeschloss, fir de Komplex B ab Enn dëses Joers ze lounen. An deem nämmelechte Kontrakt huet de Staat dann och eng Kafoptioun ausgehandelt. Eng Kafoptioun, déi d'Regierung mat dësem Projet de loi wëllt zéien.

De Komplex B ass e Gebai mat enger Bürofläche vun e bësse méi wéi 1.400 Meterkaree. Derbäi kommen dann nach Archiven an Annexen vu ronn 4.000 Meterkaree. D'Gebai huet 467 Parkplazen, dovunner ronn 400 am Gebai selwer an de Rescht baussent dem sougenannte Komplex B.

Här President, an der Kommissioun krute mer vun de Verrieder vum Finanzministère gesot, dass et ëmmer manner evident géif ginn, an der Stad a ronderëm d'Stad nach Bürofläche fir d'effentlech Hand oder aner administrativ Servicer ze fannen, scho guer net zu engem räsonabele Präis. D'Grënn sinn déi nämmelecht wéi déi, déi mer d'ënescht beschwat hunn, also wéi um Wunnengsmaat. Et géif ee sech duerfir iwwerleeën, fir an Zukunft, wa méiglech, méi ze dezentaliséieren, sief dat a Richtung Süden, also Richtung Esch zum Beispill, oder eeben an den Norden, haaptsächlech an d'Nordstad.

Déi Iddi, erlaabt mer dat ze soen, ass mir natierlech als Deputéierten aus dem Bezierk Norde besonnesch sympathesch. Och an der Finanz- a Budgetkommissioun hu meng Kolleeginnen a Kolleegen, ob Majoritéit oder Oppositioun, ausser ech géif mech elo fundamental ieren, positiv dorobber gelaut.

Dëst gesot, verweisen ech fir d'Detailer zu dësem Projet de loi gären op mäi schrëftleche Rapport a ginn dann och heimad den Accord vu menger Fraktioun. Ech soen lech, Dir Dammen an Dir Härren, villmools Merci fir d'Nolauschteren a wënschen der Police elo scho vill Spaass beim Plënnere.

(Hilarité)

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth ageschriwwen.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet matstëmmen, well et eng Symbios ass zwëschent engem besteeënde Gebai, dat d'Police schonn occupéiert a wou se dat hei eigentlech als complémentaire kann ugesinn.

Ech wëll awer drun erënneren, dass mer hei iwwer 108 Milliounen Euro ofstëmmen. Also 108 Milliounen Euro - mir hunn de Mëtten iwwer Immobilie geschwat -, dat entsprécht dem Géigewäert vun iwwer 100 Eefamiljenhaier. Iwwer 100 Eefamiljenhaier!

► **M. Guy Arendt (DP).**- Zu Mamer.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Net zu Mamer. Och op anere Plaze vun dem Land, wann Der de Gesamtpräis mataberechent, Här Arendt. Ech mengen, och bei lech an der Gemeng.

Mir sinn awer fundamental ...

► **M. Guy Arendt (DP).**- Et muss ee jo awer nach e bësse Spaass verdroe, Här Roth.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Mir si fundamental ...

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Awer net, wa Mamer am Spill ass.

(Hilarité)

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Mir sinn awer fundamental der Meenung, Här President, dass een onofhängeg vun deem Kaf hei muss en In-

ventaire emol eng Kéier maachen, vläicht och zesumme mat der Finanzkommissioun vun dem Parlament, iwwert dee gesamten Immobilienpark, deen de Staat an aner Établissements publics vum Staat an hirem Besëtz hunn.

An doriwwer eraus si mir och der Meenung, dass de Staat sollt eigentlech fir d'Zukunft op Plazen dezentral am Land, awer och an der Peripherie vun der Stad nei Bürosgebai opriichten. Et huet emol eng Kéier e Mann, deen haut leider verstuerwen ass, deem ech awer vill politesch ze verdanken hunn, gesot: „Als Gemeng baus de ni ze kleng.“ An dat, wat fir d'Gemeng stëmmt, mengen ech, stëmmt och fir de Staat. Wa mer e Staat sinn, wou all Joers 12.000 bis 13.000 nei Leit an d'Land wunne kommen, jo, da brauchen och d'Verwaltungen méi Effectif - wa mer se da fannen. A virun allem brauchen déi Effectif och appropriéiert Raimlechkeiten.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Roth. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Bauler, villmools Merci an ech ginn d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir ginn natierlech dem Här Gilles Roth Recht, wann e seet, 108 Milliounen wären e stolze Präis. Dat ass et effektiv. Et ass en deiere Präis, dee mer bezuelen. Mee mir si ganz kloer der Meenung, dass dat do eng ganz gutt Investitioun ass. A mir sinn och prinzipiell iwwerhaupt iwwerzeegt dovun, dass grouss effentlech Gebai an d'effentlech Hand solle geroden, wann et méiglech ass. Émsou méi wa se sennvoll genotzt kënnen ginn, wéi an dësem Fall, a wa se awer och de virun der Spekulation kënnen geschützt ginn, doduerch dass de Staat Proprietär dovun bleift.

An dësem Fall ass dat eng sennvoll Notzung. Mir wëssen, dass de Policecorps wäert wuesen. Dat ass jo och de Wëlle vun der Regierung, fir méi Sécherheet am Land ze garantéieren a méi Police um Terrain ze hunn.

Mir mengen awer och, wann de Staat Proprietär vun dësem Gebai ass, dass dann d'Planungssécherheet fir déi zukünfteg Notzung wäert garantiéiert ginn an dass et awer och méiglech wäert ginn, dat Gebai energieetesch ze sanéieren, ze renovéieren, esou wéi d'Krittäre vun haut et verlaangen.

An deem Sënn ënnerstëtze mer dës Decisioun voll a ganz. An ech wëllt dann awer och nach dem Här Bauler Merci soe fir säi gudden, explizite Rapport, deen en eis haut nach eng Kéier geliwert huet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Härren, ech mengen, wann een de Komplex A hëlt, muss een och de Komplex B kafen. Dat läit iergendwéi op der Hand, trotz deenen 108 Milliounen, déi engem wéidinn, an trotz deem, dass erëm alles zentraliséiert gëtt. Wann Der an den Norde komm wiert, ech mengen, de Claude Haagen gëtt mer Recht, do wier et weesentlech méi bëleg ginn an et wier och manner Mobilitéit an der Stad ginn.

Sou, mee domadder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

Le saviez-VOUS ?

RAPporteur

Le rapporteur est le membre d'une commission de la Chambre des Députés chargé de présenter devant celle-ci en séance publique le rapport de la commission sur un texte.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen ...

(Exclamations)

Gutt. Elo ass jiddwereen nach eng Kéier waakreg ginn zu fortgeschrittener Stonn. Wien A seet, muss och B soen. Deementspriedend ass dat heiten d'logesch Konsequenz vun der Acquisitioun vum Komplex A deemools.

Mir begrëssen et, dass d'Police duerch dës Acquisitioun déi néideg Raim kritt, fir hire Besoine gerecht ze ginn, fir hir Missioun kënnen ze exekutéieren. An deementspriedend gi mir och eisen Accord zu dësem Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Ech soen dem honorabelen Deputéierten André Bauler Merci fir de Rapport. An ech freeë mech, dass mer hei Unanimitéit kënnen hu fir de Kaf vun dësem Gebai, deen der Police zeguttkënn.

Ech kann lech och soen, et ass e qualitativ héichwärtet Gebai. Et ass och e Gebai, wat de Besoine vun der Police entsprécht. A mir wëssen, wéi wäertvoll eis Police eis ass. A mir wëssen och, dass mer d'Police wëllen an deenen nächste Jore verstärken, souwuel an der Zuel vu Leit, mee och an der Qualitéit vun de Prestatiounen, déi se kënnen bidden. An dat wäerte mer mat dësem Gebai kënnen maachen.

Effektiv ass déi Ziffer eng héich. Mee dat heiten ass en Investissement, dat hei si keng Depensen a lafend Käschten. An doduerch, dass mer et kafen, an ech mengen, als Finanzminister ass et mäi Rôle, fir dat ze ënnersträichen, gëtt dat eis méi bëleg, wéi wa mer et géife lounen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Finanzminister.

D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7463. Den Text steet am Document parlementaire 7463³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7463 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7463 ass mat 58 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7463 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Serge Wilmes), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marco Schank), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Aly Kaes) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 3., 4. a 5. Dezember virgesinn. D'Sitzung vun haut ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 17.40 heures.)